

Brénge Schierbelen Gléck?

Den éischte Präis am Concours national de littérature 1997 gong (ex-aequo mam Georges Hausemer sengem neie Roman) un de Georges Kieffer, en Onbekannten an der Lëtzeburger Literaturzén. D' éditions phi hun dèe Roman elo publizéiert.

Wou solle mer ufänken mat der Geschicht? Op der éischter Sait? Do, wou den ale Mann, de Charel Schiefer, iwerflëssegerweis Leëndecker, zwëscht der Péitrus an der Rumm no enger duuschterecher Nuecht u sai Jong Jérôme denkt an dout ëmfällt? Niewebai gët de Lieser gewuer, dat de Charel fréier zu Marteleng geschafft huet an elo op der Rumm geland as, an datt sai Jong seng Plaz bei Villeroy et Boch verluer huet. A schon an deenen éischte Säiten schéngt sech den Erzieler dranzemëschen, fir seng Schwieregkeen, seng Ongedold a seng Angscht virum Lieser matzedeelen. Opfälleg (iweropfälleg?) as och di Symbolik, déi scheinbar aus de Wuertspiller fällt: Schiefer - Leëndecker - Faïencerie - Schierbelen - Rumm - Rumm ...

Wa mer d'Geschicht awer op enger anerer Plaz ufänken, as et eng Zort 'Liebesroman'. De Chomeur Jérôme (och e Wuertspill?), deen an de Kasematten ënnert der Gëlle Fra wunnt a sech seng Zäit sennvoll an der Bibliothék miwleiert an do (an alphabetescher Reiëfolleg) Bicher iwer Künstler liest, verléift sech an d'Bibliothekarin Lisa, déi onglécklech bestuet as mam «Schoulmeeschter als Schrëftsteller»...

Dat Lisa huet awer nach eng weider tragesch Dimensioun: hatt muss regelméisseg mat de Bicher op d'Stäreplaz fueren, wou ënner grousem Hallotria d'Bicherverbrennungen ofgehal gin. Ausser Stephen King gët jo souwisou näischt méi gelies, mengt den Erzieler, d'Allioun as nët nëmmen op d'Bicherverbrennung vun 1933, mä op en Text aus engem Lidd, dat zum Schluss vum Roman zitéiert gët (*Books are burning*, XTC, "Nonsuch", 1992).

Di Saach mat der Liebesgeschicht stëmmt awer och nëmme bedingt: Wa mer d'Geschicht nach op enger aner Plaz ufänken, as et méi komplizéiert. Nämlech: Den Ufank vum Roman

(d'Geschicht vum Charel sengem Dout) as a Wierklechkeet den Ufank vum Schoulmeeschter (als Schrëftsteller) sengem Roman. An de Jérôme, an deen d'Lisa sech verléift, huet hatt schon als Personnage a sengem Mann sengem Manuskript gelies! Dee Mann gët iwregens geckeg a stécht d'Nationalbibliothék un. A fir alles ze verrodén: de Charel as eigentlech net richtig dout, hie kënnt als Engel erëm, e Mediespektakel fir d'Televisioun an aner Supermarchéen.

Sou. Hu mer elo alles gesot?

Bestëmmt nët. Mat esou engem Résumé vun der "Handlung" kéint ee mengen, et hätt een ët, wéi den Editeur ët ukënnegt, mat engem surrealistesche Roman ze din. Mä am Fong sin di skurril Elementer zweetrangeg, si maache jiddefalls nët d'Hauptqualitéit vum Buch aus. Et as normal, dat en Auteur an engem éischte Roman praktesch alles seet, wat e weess, an alles weist, wat e kann. Mä trotz deenen obligate Feierwierker bleift e vun enger zolitter duerchgehender Qualität. An déi läit an engem souveränen Erzielen, an der subtiler Aart a Weis, wéi di Saachen bruecht gin, an och, wéi d'Iddien erzieleresch verschafft gin. Dodurch entsteet e flott Gemësch vu Phantasieroman a Satir: eng Satir op Lëtzebuerg an op eis Routine, mam Gléck a mat der Verdrängung vun deem Ellenen ëmzegoen. A bei aller Komplexitéit vun der Struktur liest de klenge Roman sech lücht. Dat Buch huet net zu Onrecht de Präis vum besch-te Roman 1997 kritt, a mir si gespaant op weider Wierker vum Georges Kieffer.

D'accord, et gi vill Schierbelen an deem Roman, mä de Roman selwer geet net a Schierbelen. Brénge Schierbele Gléck?

Paul Maas

*Georges Kieffer,
Schierbelen,
éditions phi 1998,
145 S., 650 F*